N°999
Entrée le 13.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 999 vum 12. Juli 2024 vum Här Deputéierten Tom Weidig.**

D’Lëtzebuerger Arméi bezitt keng “controversial weapons”, mee just konventionell Waffen. D’Akeef vun der Lëtzebuerger Arméi respektéieren d’Krittären, déi an der Legislatioun iwwert ëffentlech Ausschreiwunge fixéiert sinn.

All d’Material, dat vun der Lëtzebuerger Defense fir d’Ukrain ugeschaaft gouf, gouf bei Firmaen akaaft oder iwwert Têschenhändler bezunn, vun deene keng/keen op der Lëscht steet. Et goufe keng kontrovers Waffe fir d’Ukrain akaaft.

D’Defense verëffentlecht reegelméisseg eng Mise-à-jour vum Material dat an d’Ukrain geliwwert gouf.

Generell ass ze bemierken dass vill Firmen, dorënner zum Beispill Airbus a Boeing, wéinst “controversial weapons” op der Exklusiounslëscht vum Kompensatiounsfong gefouert ginn. Dëst erkläert sech doduerch, dass Branchë vun de Firmenaktivitéiten un der Produktioun vu kontroverse Waffe (Nuklearwaffen, Stréibommen, Antipersouneminnen) bedeelegt sinn.

D’Arméi huet Material oder Déngschtleeschtunge vun enger Rei Firmen déi op där Lëscht sti bezunn. Als Beispill kann een Airbus SE (fir den A400M), L3Harris Technologies (fir Radioen) oder Thales (fir Radioen an Nuetssiichtapparater) nennen. Et handelt sech ëm Firmen aus der Europäescher Unioun oder aus engem Memberstaat vun der NATO. D’Lëtzebuerger Arméi bezitt kee militärescht Material oder Déngschtleeschtungen aus Russland oder China.

D’Lëtzebuerger Arméi gedenkt net esou eng Lëscht anzeféieren, well verschidden Typpe vu militäreschem Material a konventionelle Waffen, déi d’Arméi brauch fir hir Missiounen ze erfëllen, vun Entreprisë produzéiert ginn, déi och an der Produktioun vu kontroverse Waffen impliz éiert sinn. Eng Arméi ka bei hiren Acquisitiounen net déi selwecht Krittären applizéiere wéi de Kompensatiounsfong fir seng responsabel Investitiounen.

Lëtzebuerg, den 13. August 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes